Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 18/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

De Premierminister gëtt no sengem Interview vum 15ten Oktober folgendermoossen um RTL zitéiert:

> *"De Xavier Bettel hätt op alle Fall nach Motivatioun an Energie, fir weider fir d'Bierger ze schaffen. Dofir hätt hien och schonn eng Rei Poste refuséiert, déi him offréiert gi wieren. An dëse Krisenzäite wier et a sengen Aen och net responsabel, einfach esou fort ze goen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir Poste krut de Premier an deene leschte 5 Joer offréiert?
2. Mat wat fir enger Begrënnung huet de Premier dës Poste refuséiert?
3. Krutt de Premier dës Poste aus perséinlech Grënn ugebueden oder goufen dës Poste dem Land Lëtzebuerg ugebueden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten